



Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, an der Madamm Paulette Lenert, Minister fir Gesondheet, op d'parlamentaresch Fro n° 7370 vum 13. Dezember 2022 vun derhonorabeler Députéiert Madamm Nancy Arendt.

Ad 1) Wéi vill Persounen hunn an de leschten 12 Méint eng Plainte bei der Police gemaach, well si Affer vu KO-Drëpse gi sinn?

Datebanke vun der Police sinn net drop ausgeluecht fir automatiséiert Recherchen op spezifesch Modus operandi duerchzuführen. Am Fall vu sougenannte KO-Drëpsen, erkläert et sech doduerch, dass Plainte meeschtens am Zesammenhang mat aneren Infraktiounen (Viol, Déifstall, Home-Jacking, asw.) gemaach ginn.

Well dës Substanzen nëmme ganz kuerz no der Dot kënnen bei engem Opfer nogewise ginn, ass et schwéier en eendeitege Beweis hefir ze kréien. Falls keen eendeitege Beweis besteet, gëtt d'Analyse vum Protokoll just op déi confirméiert Strofdote gemaach.

Ad 2): Sinn dem Minister weider Fäll vu Leit bekannt, déi Affer vu KO-Drëpse goufen, déi sech awer net bei der Police gemellt hunn, mee bei enger vun de verschidden Ulafstellen, déi an der Drogenhëllef tätég sinn?

o Wa jo, wéi vill?

o Bei wat fir Organisatiounen hunn si sech gemellt?

o Gëtt et eng Gesamtstatistik?

Et ass fir déi verschidden Ulafstellen déi och am Beräich vum Nuetsliewen aktiv sin, net méiglech d'Verofreechung vu KO-Drëpsen ze confirméieren. Wann awer de Verdacht besteet, da ginn dës Persounen un d'Police weider verweisen.

Dës Ulafstellen kënnen dofir och keng Gesamtstatistik vu confirméierte Fäll féieren.

Ad 3): Wat wëllt d'Regierung maachen, fir d'Leit virun de KO-Drëpsen ze warnen, a fir ze sensibiliséieren?

Och wann d'Datebanke vun der Police et net erméiglechen erauszefanne wéi vill Persounen Affer vu sougenannte KO-Drëpsen goufe, ass d'Problematik bekannt. Well d'Police d'Obligatioun huet fir d'Erhale vun der öffentlecher Uerdnung an d'Sécherheet vum Bierger ze suergen, maache si am Kader vu Preventiounsaarbechten, sief et an de Schoulen oder um [Internet-Site vun der Police](#), d'Leit opmierksam a ginn hinne Verhaalensmesurë wéi se sech besser schützen kënnen.

Et ass wichteg, d'Leit fir dës Problematik ze sensibiliséieren an z'informéieren wéi eng gestes barrière een kann adoptéiere fir sech ze schützen; déi concernéiert Associatiounen maachen dozou Sensibilisatiounsaarbecht.

Doriwwer eraus développéiert de Gesondheitsministère momentan zesumme mat Acteure vum Terrain eng Kommunikatiounscampagne zu dësem Thema.

Lëtzebuerg, den 11.01.2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX